N°1826
Entrée le 23.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

De "High Seas Treaty", dee formell "Implementing Agreement under the United Nations Convention on the Law of the Sea on the Conservation and Sustainable Use of Marine Biological Diversity of Areas Beyond National Jurisdiction" heescht, ass am September 2023 fir d'Ënnerschrëft opgaang. Dësen Treaty ass kritesch fir den Schutz vun der marinner Biodiversitéit an den internationalen Gewässer, déi 43 Prozent vun eiser Äerduewerfläch ausmaachen.

Fir datt den Treaty a Kraaft triede kann, mussen op d'mannst 60 Länner e ratifizéieren. D'UN Ozean Konferenz am Juni 2025 zu Nice gouf als Zil gesat fir dës Ratifikatiounen ze erreechen. Bis elo huet Lëtzebuerg dësen Treaty zwar ënnerschriwwen, mee nach net ratifizéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéini plangt d'Regierung de "High Seas Treaty" der Chamber fir d'Ratifikatioun virzeleeën?
2. Wat fir Virbereedungsaarbechten, souwuel juristesch wéi administrativ, sinn néideg éier de Ratifikatiounsprozess ka starten?
3. Wéi eng Ressourcen oder Kapazitéite muss Lëtzebuerg opbauen oder adaptéiere fir d'Ëmsetzung vum Treaty ze garantéieren?
4. Wéi eng Ministèren a Verwaltunge sinn an de Ratifikatiounsprozess agebonnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten